

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberspräsident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten an un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

*« Et ass ons zougedroe ginn, dass d’Luxair, bei där de Lëtzebuenger Staat ëmmerhin Haaptaktionär ass, op hire Flich fransésische Schampes zerwéiert, a méi genee eng « Cuvée spéciale Luxair ».*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten an dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Kënnen déi Häre Ministeren dës Informatioun bestätegen ?*
- *Wa jo, no wat fir Krittere gouf d’Entscheidung geholl, kee Lëtzebuenger Cremant méi u Bord ze zerwéieren ?*
- *Ass virgesinn, an Zukunft mat enger oder méi Lëtzebuenger Kellereien zesummen ze schaffe fir lëtzebuergesche Cremant a Lëtzebuenger Wäin ze zerwéieren ?*
- *Sinn déi Häre Ministeren der Meenung, dass et sënnvoll wier lëtzebuergesch Produiten iwwer Firmen, un deenen de Staat Participatiounen hält, méi staark ze fërderen ? »*

Mat déiwem Respekt,

Gilles BAUM

Carole HARTMANN

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Deputierten

Deputierten